PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 FEV. 2019
429

Lëtzebuerg, den 28/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

De Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) stellt een onverzichtbare Pilier vun eiser Gesellschaft duer. De selbstlosen Asaz vu ville Fräiwëllege rett all Dag vill Liewen zu Lëtzebuerg a wär ouni dës net funktiounsfäeg. Den Artikel 35 vum Gesetz vum 27. Mäerz 2018 beseet, dass d'Volontairen eng steierfräi Indemnitéit fir den Asaz beim CGDIS kënne kréien, déi vum Conseil d'Administration vum CGDIS decidéiert a vum Regierungsrot accordéiert gëtt. No den Informatiounen op der Website vum CGDIS gëtt den Engagement aktuell mat 1€/Stonn entlount. Verschidde Fräiwëlleger hunn eis beriicht, dass si - Stand haut - nach guer keng Indemnisatioun iwwerwise kruten.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass d'Indemnitéite fir d'fräiwëlleg Pompjeeë schonn ausbezuelt goufen? Falls jo, wéini goufe se ausbezuelt?
- Wat sinn d'Grënn vun der spéider Ausbezuelung vun den Indemnitéiten?
- Etant donné,
  1. dass de Fonctionnement vum CGDIS op eng grouss Unzuel vu Fräiwëlleger ugewisen ass,
  2. dass den Engagement vill Fräizäit fir d'Volontaire fuerdert,
  3. der Ausso vum Koalitiounsofkommes op der Säit 54: "Une attention particulière sera portée aux pompiers bénévoles qui, ensemble avec les pompiers professionnels, sont les piliers de nos services de secours."

  ass d'Madamm Ministesch Bofferding der Meenung, dass de Benevolat beim CGDIS nach besser misst entlount ginn? Falls nee, wat ass hir Erklärung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 février 2019

Objet : Question parlementaire n° 429 du 28.02.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Bénévoles des pompiers

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés